N°462
Entrée le 23.04.2024
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Justice

**Äntwert vun der Madamm Elisabeth MARGUE, Ministesch fir d'Justiz, op d'parlamentaresch Fro n°462 vum 12. Mäerz 2024 vun dem honorabelen Deputéierten Här Fernand KARTHEISER**

D'Mandat vum Riichter um Europäesche Geriichtshaff fir Mënscherechter huet eng Dauer vun 9 Joer. Esou wäert d'Mandat vum neie Riichter fir Lëtzebuerg, dat am Mee 2024 ufänkt, bis 2033 goen. Déi nächst Selektiounsprozedur fir Lëtzebuerg wäert deemno viraussiichtlech am Joer 2032 ustoen. Dës Prozedur wäert dee Moment vun enger nächster Regierung *ad hoc* evaluéiert an, falls et enger nächster Regierung sollt opportun erschéngen, ugepasst ginn.

D'Dispositioune vun der nationaler Selektionsprozedur 2023 hunn zum ganz groussen Deel deene vun de *lignes directrices du Comité des Ministres du Conseil de l'Europe du 28 mars 2012 concernant la sélection des candidats pour le poste de juge à la Cour européenne des droits de l'homme* entsprach an déi relevant Dokumenter zur Prozedur, wéi den *Appel à candidatures,* sinn och ëffentlech accessibel. Wéi an de *lignes directrices* e.a. virgesinn, hunn d'Kandidate misse gutt Kenntnisser vum nationale Rechtssystem vum Land hunn, dat si proposéiert, an dësem Fall vum lëtzebuergeschen Rechtssystem. An der nationaler Prozedur gouf nach präziséiert, datt d'Kandidate an der Matière vum *droit international public* solle spezifesch Kenntnisser am Beräich vun de Mënscherechter hunn.

Net virgesinn ass an de *lignes directrices*, datt d'Kandidaten d'Nationalitéit vum Land mussen hunn, dat si proposéiert. Dëst gouf och an der lëtzebuergescher Prozedur 2023 esou gehandhaabt. Déi national Prozedur huet allerdéngs explizit verlaangt, datt all Kandidat d'Lëtzebuerger Sprooch muss maîtriséieren.

Soss gesinn d'*lignes directrices* plazeweis dann nach Hypotheese vir, déi fir déi lëtzebuergesch Prozedur 2023 net applikabel waren. Zum Beispill gesäit de Punkt III. 3. vun de *lignes directrices* d'Hypothees vir, datt net genuch gutt Kandidate sech mellen. Dat war zu Lëtzebuerg net de Fall. De Punkt III. 4. gesäit de Fall vir, wou Kandidate vun *tierces parties* proposéiert ginn. Och dat war net de Fall.

Et sief nach betount, datt déi dräi Kandidaten, déi Lëtzebuerg fir d'Mandat vum Riichter um Europäesche Geriichtshaff fir Mënscherechter der Parlamentarescher Versammlung vum Europarot proposéiert huet, der viregter Justizministesch, wéi an de *lignes directrices* virgesinn, vun engem nationale Selektiounscomité recommandéiert gi sinn. Och bei der Kompositioun vun dem Selektiounscomité ass sech un d'*lignes directrices* gehale ginn.

D'Madamm Ministesch ass der Meenung, datt dësen nationale Selektiounscomité seng Missioun mat grousser Suergfalt erfëllt huet, an datt déi national Selektiounsprozedur 2023 garantéiert huet, datt Lëtzebuerg dräi gutt Kandidate fir d'Mandat vum Riichter vum Europäesche Geriichtshaff vun de Mënscherechter proposéiere konnt.

Lëtzebuerg, den 23 Abrëll 2024.

D' Justizministesch

(s.) Elisabeth Margue